OGB·L
D'GEWERKSCHAFT

# 1. Mee-Ried

## vum Nora Back
## Präsidentin vum OGBL

den 1. Mee 2025 an der Abtei Neimënster

# 1. -Mee-Ried vum Nora Back, Präsidentin vum OGBL

## Den 1. Mee 2025 an der Abtei Neimënster

---

Et gëllt dat geschwatent Wuert

---

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Léif Frëndinnen a Frënn,

Ech soen iech Merci fir är Präsenz haut de moien.

Well dir hutt iech de moien decidéiert net am Bett leien ze bleiwen, net mat den Noperen ze grillen, net mat de Kanner op e verlängerte Week-end ze goen, nee dir hutt iech decidéiert iech ze engagéieren, en Deel vun eppes Groussem ze sinn, iech anzesetze fir d'Situatioun vun de Leit ze verbesseren.

An dat verlaangt déiwe Respekt.

E ganz grousse Merci un eis Partner vun eiser 1.Mee Feier. Et ass fir d'19te Kéier datt mer hei feieren. Ech soe merci un d'Astm, Asti a virun allem un d'ganz Ekipp vum Neimënster. Et ass wierklech eng Freed mat iech zesummen ze schaffen, dir sidd sou motivéiert a positiv.

Ech géif och gären de Kolleege vum LCGB, déi haut zu Réimech hiren 1. Mee féieren alles Guddes op dësem wichtegen Dag fir eis zwee wënschen.

E grousse Merci och un all d'Vertrieder vun de politesche Parteien datt dir eis nolauschtere kommt de moien.

Well haut ass net iergend en Dag. Haut ass eisen Dag. Den 1.Mee – Dag vun der Aarbecht, Dag vum Widderstand, Dag vun der Solidaritéit!

An et ass den Dag vun enger Indextranche déi declenchéiert ass. An déi dank eisem Asaz och ausbezuelt gëtt.

Deen Dag ass net vun uewen erof virgeschriwwen.

En ass erkämpft ginn, vu Gewerkschaftler wéi eis. Vu Leit déi sech gewiert hunn. Déi sech net klengkréie gelooss hunn. An och net ewech gekuckt hunn.

Déi opgestane sinn – géint Ausbeutung , géint Aarmut, géint Ongerechtegkeet.

An och haut - am Joer 2025 – ass dee Kampf nach net eriwwer. Ganz am Géigendeel: Méi aktuell kéint en net sinn.

Mir liewen an engem Land wou verschidde Leit Milliarden usammelen. Wärend anerer net wësse wéi se déi nächst Stroumrechnung bezuele sollen.

Mir schaffen Dag fir Dag – an der Pfleeg, um Bau, a Butteker, a Fabriken, a Schoulen, a Banken an a Büroen, maachen eis Liewenszäit, eis Nerven an zum Deel eis Gesondheet drop.

An héieren trotzdeem :

Sidd zefridden. Sidd dankbar.

D'Aarbechtsrecht ass ze vill onflexibel.

Är Léin si vill ze héich.

Dir schafft net genuch.

Är Pensioune sinn ze héich.

Dir schafft net laang genuch.

Dir sidd vill ze oft krank.

De Lëtzebuerger Sozialmodell bedeit : Poterronnen an den CEO decidéiert.

D'Gewerkschafte stéieren. Manifestéieren ass geféierlech, Fändelen si potenziell Waffen.
D'Aarmut wëlle mer net gesinn, dofir ginn déi Aarm verjot.

Klimaschutz behënnert Kompetitivitéit, dofir bleiwe mer dann ënnert de gestachene Zieler.

D'Fraerechter si wichteg an et geet een als Politiker sech gären op de Fraestreik weisen, mee se sinn direkt manner wichteg wann et em Aarbechtszäiten a Pensioune geet.

Nee! Et geet elo duer!

Stopp mat dëser Regierungspolitik!

Mir brauchen elo méi Demokratie, méi sozial Gerechtegkeet, méi Solidaritéit.

An och dofir steet eisen 1. Mee .

*Den 1. Mee bedeit fir eis:*

- *Erënnerung  - un de Courage vun deenen déi virun eis gekämpft hunn*
- *Kampf  - fir déi Rechter déi se eis haut wëllen ewech huelen*
- *Hoffnung – fir gemeinsam kënnen eng besser Zukunft ze bauen*

Well eppes ass kloer: Näischt verännert sech, wa mir roueg bleiwen.

Awer mir sinn net roueg, mir si rosen an haart a wa mer zesummen optrieden, dann si mer net ze iwwersinn. Net ze iwwerhéieren. An net ze brieche Kolleeginnen a Kolleegen.

Loosst eis zesummen opstoen – fir eis, fir déi, déi virun eis waren a fir déi, déi nach kommen.

A wa mer soen zesummen, dann huet dat Wuert zesummen um 1. Mee 2025 nach eng ganz nei Bedeitung.

Well och wann eis Kolleege vum LCGB haut zu Réimech hier eege Feier hunn, si mir a Gedanke ganz no beieneen.

An et kann ee soe fir d'éischte Kéier an der Geschicht zënter et eis Organisatioune gëtt, gréisse mir eis an eise Rieden een den aneren an halen zesummen.

Dat ass historesch Kolleeginnen a Kolleegen.

Mir kënnen all stolz drop sinn datt mer haut zesummen an eisem front syndical sou staark wéi nach ni sinn.

An ech kann iech soen, ech sinn dankbar dofir, well et ass dat eenzegt richtegt wat mer kënne maache Kolleeginnen a Kolleegen.

An Zäite wou mer vu Politik a Patronat sou hefteg attackéiert ginn, ass et eng Noutwendegkeet, jo eis Responsabilitéit eis net auserneen dividéieren ze loossen a geschlossen an dee Match ze goen.

D'Gewerkschaftsfront ass dat wat eise Géigner vu Patronat a Politik Angscht mécht – a genau dat weist dass si den eenzeg richtege Wee ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den 1. Mee ass och den Dag vum Fridden, an duerfir spillt den Dag och haut wou nees Krich an Europa herrscht esou eng wichteg Roll.

Kricher wüten all Dag an der Welt, Honnertdausenden Doudeger, Millioune vu Leit sinn direkt betraff a liewe lo zënter Joren an der Angscht em hiert Liewen.

Famille ginn ausernee gerappt.

Den Engagement fir Fridden ass och ëmmer en Thema vun der Gewerkschaftsbeweegung. Et sinn nämlech ëmmer als alleréischt déi schaffend Leit an hir Familien déi an engem Krich mussen dru gleewen.

Wann elo iwwer Verteidegung, Oprëschtung a riseg Verteidegungsétaten geschwat gëtt, da musse mer folgendes ënnersträichen:

Mir sinn ëmmer fir de Fridden, fir Diplomatie, fir d'Stäerke vun internationalen Organisatioune wéi der UNO, a géint de Krich.

Mir sinn natierlech och fir e souveräänt, staarkt, demokratescht Europa.

Mir kennen awer net einfach nokucken, wéi

- elo d'Rüstungsétaten vun haut op muer solle mei wie verduebelt ginn;
- wéi d'Aktië vu private Rüstungskonzerner op eemol duerch de Plaffong ginn;
- wéi op eemol nees kënnen am grousse Stil Scholde fir Militärdepense gemaach gi wou eis joerzéngtelaang gesot gouf, Scholde fir Investitiounen an eis Infrastruktur an an eise Sozialstaat, Investissement an de Logement, an d'Schoul an den Ëmweltschutz géifen eise Ruin bedeiten

D'Regierungsparteie soen haut, Sozialofbau wier d'rout Linn, wann et em Verdeedegunsdepense geet.

Ma fir eis ass et och d'rout Linn, Kolleeginnen a Kolleegen!

Mir wäerten net dulden, dass och nëmmen een Euro de schaffende Leit an hire Famille wechgeholl gëtt, fir privat Rüstungskonzerner ze beräicheren!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den 1. Mee ass en internationalen Dag, dee keng national Grenze kennt.

An dat ass grad fir eis esou wichteg auszedrécken, wou mer an engem Land si wou bal d'Hallschent vun de schaffende Leit Frontalier sinn.

Wou mer dach an allen ekonomesche Secteuren esou ugewise sinn drop datt eis Kolleege Grenzgänger all Dag Kilometere vun doheem fortfuere fir hei schaffen ze kommen.

Mir stinn nach ëmmer zur Visioun vun engem fortschrëttlechen Europa, an dem mer all a Fridden a Wuelstand kenne liewen, wou d'Leit kënne fräi zirkuléieren an net op de Grenze kontrolléiert ginn.

Europa entwéckelt sech awer grad a genau déi aner Richtung!

D'Lëscht vun den EU-Länner an deene rietsextrem Parteien an der Regierung sinn, gëtt ëmmer méi laang.

Esou eng politesch Kris ass et zënter dem Enn vum 2. Weltkrich, zënter 80 Joren, an Europa net mi ginn.

Mee de Rietsextremismus kënnt net vun näischt, et ass keen historeschen Zoufall ouni Grond an Ursaachen.

D'sozial Nout, d'Perspektivlosegkeet, d'Angscht virum sozialen Ofstig sinn a bleiwen d'Waasser op d'Mille vun der rietsextremer Dynamik.

Fir d'Regierungspolitiken an Europa, fir d'europäesch Politik besteet akut héijen Handlungsbedarf.

D'politesch Kris vum europäesche Kapitalismus ass just dann ze léisen, wann elo ee weidert Wuesse vun de sozialen Ongläichheete gestoppt gëtt a gläichzäiteg déi entgéintgesate Richtung ageschloe gëtt.

An d'Politik muss alles maache fir déi demokratesch a sozial fortschrëttlech Beweegungen aus der Gesellschaft ze ënnerstëtzen, se ze stäerken a sech onmëssverständlech hannert si ze stellen.

Déi gréisste vun dësen Organisatioune sinn d'Gewerkschaften.

De Premier Minister huet virun e puer Deeg gesot datt en d'OECD nach ëmmer sympathesch fonnt huet, ma et wier gutt wann en d'Gewerkschaften och mol sympathesch géif fannen.

Mee genee déi Kolleeginnen a Kolleegen, ginn hei zu Lëtzebuerg vun der Regierung attackéiert.

D'Regierung Frieden huet decidéiert de Lëtzebuerger Sozialmodell wéi e bis lo funktionéiert huet ze attackéieren, an dat mat enger Häert wéi mer se nach net erlieft hunn.

Si hu wuel vergiess datt de Sozialdialog ëmmer d'Stäerkt vun eisem Land war. Iwwer 40 Joer war de Sozialdialog vun engem onschätzbare Wäert fir d'sozial an d'ekonomesch Entwécklung a fir d'Bewältegung vun de Krisen hei am Land.

Mir versichen ëmmer un éischter Plaz d'Interesse vun de Schaffenden iwwer de Verhandlungswee ze vertrieden.

Dës Regierung wëll de Verhandlungsdësch net? Da féiert kee Wee laanscht d'Strooss. Mir verhandelen ëmmer sou laang wéi et nëmme méiglech ass – mee mir sinn och ëmmer bereet eis op der Strooss ze wiere wann et néideg ass!

A mir wieren eis als Gewerkschaftsfront gemeinsam als OGBL an LCGB. An eise Widderstand weise mer all zesummen den 28. Juni!

An e geet duerno weider. Dag fir Dag. Bis och d'Regierung et verstanen huet.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir ginn den 28. Juni all zesummen op d'Strooss

Fir méi Kollektivverträg

Mir brauche méi Kollektivverträg, virun allem sektorieller.

Haut schonn ass quasi ee vun zwee Salariéen net méi vun engem Kollektivvertrag ofgedeckt.

A wat mécht eis Regierung? Si wëll d'Kollektivvertragsgesetz nach verschlechteren!

Net mat eis! Do wäerte mir eis wieren. Zesummen, gestäerkt a bis zum äussersten.

Eis Fuerderung ass eng Verbesserung vum Gesetz, méi Kollektivverträg, an net eng wieder Verschlechterung vum Kollektivvertragsgesetz.

Kollektivverträg verhandelen ass eise Core Business. Mir maachen dat Dag fir Dag, e puer honnert ginn der an engem Joer ënnerschriwwen. Heiansdo am gudden, heiansdo no laangem Streit. Awer ëmmer mat vill Aarbecht an Asaz, ëmmer am Interesse vun  de Schaffenden.

Erlaabt mer duerfir de Kolleeginnen aus dem Nettoyage besonnesch ze felicitéieren. Nodeems do jorelaang fir all Grimmel huet misse gestridde ginn, hunn si et elo lescht Woch fäerdeg bruet en neie Kollektivvertrag ze ënnerschreiwe mat endlech enger konsequenter Lounerhéijung. Méi wéi verdéingt!

Si sinn déi sougenannten travailleurs invisibles, ni respektéiert, oft ënnerschat, awer an der Gewerkschaft ëmmer fir bäi: A vous les filles, je tire mon chapeau, un grand merci du fond de mon cœur pour votre engagement, vous êtes géniales !

Kolleeginnen a Kolleegen,

Nieft de Kollektivverträg gi mer den 28 Juni op d'Strooss fir kloer an däitlech ze soen:

Patten ewech vun eisen Aarbechtszäiten!

Mir brauchen Aarbechtszäiten déi d'Leit net futti maachen. Den Aarbechtsdag muss en Ufank an en Enn hunn. An den dierf och net der Willkür vum Patron ausgesat sinn.

Mir kommen och net derlaanscht fir iwwert eng Aarbechtszäitreduzéierung mat vollem Lounausgläich ze schwätzen. Well och Aarbechtszäit ass Liewenszäit.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Joresreferenzperioden, Verkierzung vun de Pausen tëschent zwou Schichten, Verlängerung vun der Wochenaarbechtszäit, manner wéi 44 Stonne Paus pro Woch, manner Congé, méi schaffen… dat ass dat wat eis Regierung an hirem Koalitiounsprogramm aus dem Wonschkatalog vun der UEL kopéiert huet.

Grujeleg. Dat ass dat wat si „Moderniséierung" nennen. Dat ass vergläichbar mat Aarbechtszäiten di mer am leschte Joerhonnert haten.

Hei wieren all d'ekonomesche Secteure betraff an honnert Dausenden Salariéen hier Liewens- an Aarbechtsbedingunge verschlechtert.

Ech denken awer elo besonnesch un d'Kolleegen aus dem Bausecteur. Déi all Dag e Knachenjob maachen, hier kierperlech Gesondheet drop maachen, bei Hëtzt a Reen dobaussen haart schaffen. Si mussen sech säit jeehier wiere géint eng Flexibiliséierung vun hiren Aarbechtszäiten.

E besonnesche Merci fir är Präsenz an ären Asaz. Dir hutt eis vollsten Ënnerstëtzung bei ärem Kampf fir gereegelt Aarbechtszäiten!

A mir ginn den 28. Juni och op d'Strooss

Fir eis Work-life balance

Déi ronn 50.000 Beschäftegten aus dem Handel kréien et lo mol als éischt ze spieren.

- Einfach esou,
- ouni dass een et wollt,
- ouni dass et en Zäitdrock gouf,
- matzen an der Ubannung vun engem vun de gréisste Sozialkonflikter säit Joren,
- trotz de Géigenargumenter vun OGBL an LCGB,
- ouni mat der Wimper ze zucken,
- an ouni un déi Dausenden Salariéen ze denken, oft Frontalier, oft Fraen, déi zu Mindestléin musse schaffe goen,

huet d'Regierung eesäiteg decidéiert d'Butteker vu moies 5 bis owes 22 Auer opzemaachen, Sonndes opzemaachen, a Feierdeeg opzemaachen.

Onnéideg, onverständlech, eekleg, an inakzeptabel.

Här Frieden, Här Delles an Här Mischo, mir fuerderen iech onmëssverständlech op:
Zitt dee salariatsfeindleche Projet de loi zréck.

Soulaang deen net vum Dësch ass, wäerte mir eis wieren. Zesummen, gestäerkt a bis zum äussersten.

Merci un ären alldeeglechen Asaz léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Syndikat Commerce, dir sidd Kämpfer a mir kënne stolz sinn op ären Kampf.

A mir ginn och den 28. Juni all zesummen op d'Strooss

Fir eis Matbestëmmung

Den OGBL steet zum Lëtzebuerger Sozialmodell an zum Sozialdialog mat 3 gläichberechtegte Partner.

An dofir musse mer dee Sozialmodell stäerken, an net schwächen.

An de Betriber brauche mer virun allem och méi Rechter fir d'Delegatiounen, méi Matsproocherecht, méi Moyen'en a virun allem och e bessere Schutz géint Kënnegung.

Et ass jo katastrophal wat sech do am Moment op villen Plazen um Terrain ofspillt, et gëtt mat alle Mëttelen Drock op Delegéierte gemaach.

Ech denken do besonnesch un de Santéssecteur. Do wou et bis elo éischter en Tabu war Sozialpläng ze hunn oder Entloossungen ze maachen, sinn d'Patronen hei ewell och komplett vun der Léngt.

Et si souwisou schonn Zäite wou d'Gesondheets- a Sozialberuffler massiv ënnert engem Dauerpersonalmangel bludden a permanent mussen Iwwerstonnen drummen an en Aarbechtspensum hunn den se futti mécht.

Nee domat geet et net duer, hei spillen elo beemol verschidden Employeure Grousskonzern aus der Privatwirtschaft a fuere mat Angscht a Repressiounsregimer.

Richteg inakzeptabel gëtt et dann, wann d'Directrice vun der Caritas Jeunes et Famille einfach sou quasi déi ganz Delegatioun eraus wëll geheien. 4 Mises à pied an engem Betrib. Dat ass et nach ni ginn.

Wier d'Caritas net besser beroden sech an dësen Zäite bëssen zréckzehalen?

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir sinn all de Sandro, d'Jill, de Georges an de Yannick.

An dem Sënn invitéieren ech iech och, un eiser Solidaritéitsaktioun fir déi 4 deelzehuelen, an do vir an der Entrée eng solidaresch Foto ze maachen.

Wann se un een Delegéierte vun eis ginn, da ginn se un eis all. An dat kréien se ze spieren.

Mir fuerderen elo direkt d'Reintegratioun vun deene véier. Soulaang dat net de Fall ass, gëtt den OGBL net op.

Am anere Fall verlaange mir der Directrice hier Mise à Pied.

A mir ginn all den 28. Juni op d'Strooss

Fir eis Gesondheetsversuergung

Kolleeginnen a Kolleegen, am OGBL wäert et keng Verschlechterunge gi beim Schutz vu kranke Leit. De Karenzdag ass en absolutten No-Go.

Virun e puer Deeg ass eng Etude vum EGB rauskomm, wou ee geséit dass Lëtzebuerg am europäesche Verglach vill Problemer duerch psychosozial Risiken op der Aarbecht huet.

Doduerch entstinn och vill Käschten. Virun allem och fir d'Entreprisen.

Duerfir ass et net nozevollzéien firwat d'UEL sech net seriö domadder befaasst fir d'Aarbechtsconditiounen ze verbesseren. Dat eenzegt wat hinnen afält ass e Karenzdag ze fuerderen.

Wann se sech schonn net wéinst der Gesondheet vun hire Mataarbechter ëm besser Conditioune beméien, da kéinten se et jo vläit aus Rentabilitéits- a Produktivitéitsgrënn maachen ? Déi Sproch verstinn se jo besser.

Mir brauche Verbesserunge bei den Aarbechtsbedingungen, méi Präventioun.

Mir brauchen eng Legislatioun fir d'Leit och virun de psychosoziale Risiken ze schützen: Stress a Burnout huelen ëmmer méi zou.

Mir mussen dat schütze wat am allerwichtegsten ass: Eis Gesondheet.

Och hei mussen a wäerte mer eis zesumme wieren!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir ginn och den 28. Juni op d'Strooss

Fir e staarken Industriestanduert

D'Industrie an de Stolsecteur an Europa stinn an der Kris:

- Fabrikschléissungen,
- Aarbechtsplazenofbau,
- explodéierend Energiekäschten
- a Handelskricher.

Den OGBL stellt sech op d'Säit vun den europäesche Gewerkschaften a seet kloer an däitlech:

Mir mussen d'Aarbechtsplaze schützen, d'Produktioun ukierbelen an den ökologeschen Ëmbau gestalten – ouni d'Industrie ze schwächen.

An engem politeschen Ëmfeld, an dem Kris op Kris kennt, hunn eis Kolleeginnen a Kolleegen aus der Industrie alt nees bewisen, dass staark Kollektivverträg dat beschten Instrument sinn, fir d'Loun- an Aarbechtsbedingunge vun Dausende Salariéen ze schützen.

Mir brauchen Investitiounen an eisen Industriestanduert – mee déi mussen u sozial Critèren an un d'Existenz vun engem Kollektivvertrag gekoppelt sinn!

An der Industrie, a virun allem am Stolsecteur muss elo gehandelt ginn - well ouni déi Beschäftegt huet den europäesche Stol keng Zukunft. An ouni Stol ass déi ganz europäesch Industrie a Gefor.

Liberty Steel zu Diddeleng befënnt sech an enger kritescher Situatioun – ouni kloer Perspektiv fir d'Zukunft.

Zanter méi wéi sechs Méint liewen déi bal 150 Salariéen an Ongewëssheet, ouni Garantië wat hir Aarbechtsplazen ugeet, wärend si weiderhi mat vollem Asaz um Erhalt vum Site schaffen.

Ouni den Engagement an d'Fachkenntnisser vun de Salariéë kann d'Aktivitéit am Wierk net bestoe bleiwen.

Den OGBL rifft d'Autoritéiten dozou op, all néideg Mëttel a Ressourcen ze mobiliséieren, fir d'Iwwerhuele vum Site ze garantéieren – a virun allem d'Erhale vun deenen Aarbechtsplazen, egal wat geschitt!

A mir ginn och den 28. Juni op d'Strooss

Fir e staarken ëffentlechen Déngscht

Mir all als Gesellschaft brauche staark ëffentlech Déngschtleeschtungen. An duerfir steet och den OGBL.

Zéngdausende Salarié'e sinn am ëffentlechen Déngscht a Secteur'e wou den OGBL majoritär, jo largement majoritär ass: d'Salarié'e bei Staat a Gemengen, d'Gesondheet an

d'Sozialwiesen, d'Eisebunn. Net ze vergiessen, déi dausende Fonctionnairen – Tendenz steigend – déi am OGBL organiséiert sinn, zum Beispill am Enseignement oder bei der Police.

- Géint Privatiséierunge vun allen ëffentlechen Déngschtleeschtungen
- Fir eng staark ëffentlech Schoul wou Chancëgläichheet eng Realitéit gëtt
- Fir eng Gläichbehandlung vun de Leit déi am Secteur public schaffen
- A fir e gudden a staarken ëffentlechen Transport.

Ech denken hei besonnesch un eis Kolleege vum Syndikat Landesverband, déi am Moment riicht op en haarden Aarbechtskampf mat hirer Direktioun zousteieren.

Jo well och beim gréisste Betrib hei am Land, bei der CFL gesäit een d'Iwwergoe vun de Gewerkschaften, vun de gewerkschaftleche Verhandlungsrechter.

Een Dossier nom anere wëll d'Direktioun do duerchpeitschen ouni iwwert Dialog mat de Gewerkschaften: Aféierung vu Mataarbechtergespréicher, Verschlechterung vun de Schichtzäiten op en 8-8-8 System, Aschränkung vun de Promotiounsexamen, Aféierung vun enger Prime fir just een Deel vum Personal…

Wann si mengen dass mir dat einfach sou duerchgoe loossen, dann hunn se sech geschnidden.

Hei wäert et schonn an den nächste Wochen zu gewerkschaftlechen Aktioune kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir ginn den 28.Juni op d'Strooss

Fir Steiergerechtegkeet

Mir hu schonn sou vill an sou oft dozou geschwat, dass ech mech elo hei kuerz faassen.

Eise Steiersystem ass ee vun den ongerechtsten an Europa. Souguer d'OCDE seet dat, wat jo lo net onbedéngt Kolleege vun eis sinn.

Mir mussen eis all zesummen dofir asetzen datt déi Normalstierflech endlech manner Steiere bezuelen, an do wou d'Suen en masse sinn, méi besteiert muss ginn: Groussverdénger, Kapital, Grousskonzerner, Groussierfschaften. Do d'Sue siche goe wou se jorelaang nogehäit gi sinn.

An dozou gehéiert och sécher net den „high net worth individuals" nach Honnertdausenden Euroe, Steierkaddoen op de Kapp maachen. Oder d'Betribsbesteierung erëm weider senken. Oder Spekulatioun am Logement steierfräi ze maachen. An, an, an.

Et geet elo duer!

A mir ginn och all zesummen den 28.Juni op d'Strooss

Fir Gläichbehandlung tëscht Resident a rontalier

All Dag sinn iwwer 200.000 Leit déi hiert Land verloosse fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Stonnen a Stau stinn.

Zu Lëtzebuerg hier Steiere bezuelen. Hier cotisations sociales.

Si maache soumat de Räichtum vum Land mat aus. Finanzéierung vun eisem Sozialstaat, eiser sécurité sociale, eis Schoulen, eis Stroossen, eis Kulturzentren.

Den OGBL fuerdert, dat all d'sozial Rechter an all steierlech Mesuren, sech un all Salarié selwecht, an ouni Diskriminéierung mussen applizéieren.

A virun allem Kolleeginnen a Kolleegen, gi mer all zesummen den 28.Juni 2025 op d'Strooss
Fir eis Pensiounen

Mir soen et sou oft wéi néideg: Mam OGBL wäert et zu kengem Renteklau kommen.

Mir mussen a wäerten eise staarken, ëffentlechen, solidaresch finanzéierte Pensiounssystem mat alle Moyen'e verteidegen.

Et ass eng Haaptséil vun eisem Sozialstaat, déi zënter ronn dréi Joerzingte vun den neoliberale Politiken an Europa systematesch ugegraff gëtt.

Et ass eng vun de wichtegsten Errongenschafte vun der internationaler Aarbechter- a Gewerkschaftsbeweegung.

Hannert dësen Ugrëffer stinn an alle Länner d'Patronatsorganisatiounen an hir politesch Lobbyisten. D'OECD huet net méi spéit wéi gëschter nach erëm zougeschloen: de Rentenantrëttsalter muss erop!

Interessant awer datt si elo d'Fro vun der Cotisatiounserhéijung opwerfen. Mir léiche jo nach niddreg am EU Duerchschnëtt an et wier Marge do.

Interessant och datt eise Premier déi Pisten direkt erëm erofgespillt huet.

Zieler vun deenen déi eise System ugräifen si kloer.

D'Rentewiesen soll esou wéit wéi nëmme méiglech privatiséiert ginn an dem private Commerce ënnerworf ginn, zousätzlech promouvéiert duerch staatlech Steierofschreiwungen.

Si wëllen déi politesch Spléckung vum Salariat förderen. Iwwert de Wee vun der Schwächung vum solidaresche Prinzip vun den ëffentlech-rechtleche Pensiounssystemer.

Dorënner falen di kollektiv Finanzéierung an Ëmverdeelung an de kollektive Schutz géint d'Altersaarmut.

A ganz besonnesch deen iwwert Ëmlaageverfahren organiséierte  Generatiounenvertrag, déi intergenerationell Solidaritéit.

No der éischter réckschrëttlecher Rentereform am Joer 2012 si mer elo mat engem weideren Ugrëff op eise Pensiounssystem konfrontéiert.

Jo ech schwätze vun engem Ugrëff. Well och wann d'Regierung probéiert, sech am Moment nach bedeckt ze halen, däerfe mir net naiv sinn iwwert d'Grondausriichtung vun der Diskussioun déi d'Regierung lancéiert huet.

D'Parteie vun der Regierung hu keen Optrag vun der Bevëlkerung kritt, och keen Optrag vun hiren eegene Wieler, fir eng Reform géint eis Pensiounen ze maachen.

An de Message vum OGBL ass ganz kloer: Wa Reform dann eng an déi richteg Richtung.

Nämlech déi vun neie Recette schafen aplaz Leeschtunge kierzen.

An déi vun der Harmoniséierung vun den zwee Pensiounsregimer. An dat fänkt als éischte Schrëtt mat dem Deplafonnéieren vun de Kotisatiounen un.

Op dës Schinn muss Diskussioun iwwert eng Reform gesat ginn! Fir demokratesch Gläichbehandlung vun alle schaffende Leit!

Dofir musse mer op d'Strooss. Wann se eis net wëllen an enger Tripartite héieren, dat wäerten se eis op der Strooss héieren.

A mir ginn och den 28. Juni op d'Strooss

Fir eist Recht op en Daach iwwert dem Kapp

Wat soll ech soen? 1.Mee Ried no 1. Mee Ried, Piste vun eis wéi een d'Logementskris misst behiewen. Op der anerer Säit Regierungen u Regierunge kommen a ginn an d'Logementskris bleift.

- Fir abordabel Loyeren,
- Fir massiv Investissementer an den ëffentleche Wunnengsbau an an de Besëtz vun ëffentleche Wunnengen.
- Géint Spekulatioun mam Terrain an Immobilien

Den 28. Juni drécke mer eis och aus

Fir de Schutz vun eisem Planéit

Ëmwelt a Klimaschutz ass a bleift en zentralen Enjeu fir den OGBL. An den OGBL steet voll hannert de Klimaziler.

Mee wee wëll d'Klimaziler ëmsetzen, dee muss déi grouss Majoritéit vun de Leit mat op dee Wee huelen.

An dann dierf et net sinn, dass Klima- an Ëmweltpolitik um Réck vun de Schaffenden an hire Familien ausgedroe gëtt.

Dofir mussen d'Politiker an dem Beräich net nëmme sozial gerecht sinn, mee si kennen och nëmmen am Sozialdialog, mat de Vertrieder vun de schaffende Leit, de Gewerkschafte Succès hunn. Haut méi wéi jee virdrun!

A Kolleeginnen a Kolleegen, den 28. Juni sti mer och an

Fir d'Mënscherechter

Well et ass ganz schlëmm wat hei geschitt mat der EU Direktiven zum devoir de vigilance vun den Entreprisen. Wann d'Madame Van der Leyen an hier Alliéierten elo an engem Omnibus Projet probéieren déi sou laang erwaarten Direktive komplett ze verwässeren, ass dat inakzeptabel.

An eis Regierung mécht do monter mat. Ënnert dem Virwand vun der Simplificatioun, maachen si eng komplett Dereguléierung vun de Mënscherechter an dem Klima- an Ëmweltschutz.

Och hei wiere mer eis dogéint. All zesummen a geschlossen.

An eis Manif vum 28. Juni steet och

Fir eist Manifestatiounsrecht

Nodeems den Här Gloden sech fir d'éischt géint d'Heescherten agesat huet, geet e lo gär géint d'Manifestatiounsrecht vir.

Ass dat d'Demokratieverständnis vun dëser Regierung?

Mir wäerten eis demokratesch Grondrechter verteidegen, a mir reechen hei der gesamter Zivilgesellschaft d'Hand, fir dee Match zesummen ze maachen!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ganz zum Schluss,

Wa mer den 28. Juni op d'Strooss ginn, gi mer och

Fir den Index

Op den Dag vum 1.Mee ass eng Tranche annoncéiert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, maacht iech op d'Gesouers gefaasst. An da geet et och erëm lass mat den Attacken:

Dofir, an aller Däitlechkeet, haut wéi gëschter a wéi muer: Fangere wech vum Index.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den 28. Juni gi mir fir eise Sozialstaat an eist Aarbechtsrecht op Strooss.

Den 28. Juni wäert d'Kombinatioun vum 9. Oktober 1973 a vum 16. Mee 2009 sinn.

Den 9. Oktober 1973 well mir sozial an demokratesch fortschrëttlech Reforme verlaangen.

An de 16. Mee 2009 well mir eis géint de sozialen an demokratesche Réckschrëtt stemmen.

Mir ginn op d'Strooss fir dass sech eist Aarbechtsrecht no vir statt no hannen entwéckelt.

Mir ginn op Strooss fir Aarbechtsbedingungen an Aarbechtszäiten an alle Betriber déi de schaffende Leit eng besser Fräizäit a Gesondheet erméiglechen. A fir de Schutz vun eisen Aarbechtsplazen.

Mir ginn op d'Strooss fir all di schaffend Leit déi de Mindestloun oder just ee bëssche méi verdéngen: De Mindestloun muss ëm 10% an d'Luucht goen.

Mir ginn op Strooss fir eist ëffentlecht-solidarescht Pensiounswiesen ze stäerken a géint all déi déi et schwäche wëllen.

Mir ginn op Strooss fir eng méi gerecht Steierpolitik,

Mir ginn op Strooss fir dass endlech den ëffentleche Wunnengsbau zur zentraler Prioritéit géint d'Wunnengskris gëtt

Mir ginn op Strooss fir insgesamt méi Chancëgläichheet a Gläichbehandlung an eiser Gesellschaft. Am Bildungswiesen, am Gesondheetswiesen, tëscht Mann a Fra, tëscht Frontalier'en a Resident. All Form vun Diskriminatioun huet zu Lëtzebuerg näischt verluer.

Mir ginn op Strooss fir méi Demokratie souwuel an der Gesellschaft wéi och an der Betriebswelt.

Mir ginn op Strooss géint de Rietsextremismus a géint all reaktionär Ideologien an identitär Beweegungen.

Mir ginn op Strooss fir den offensive Klimaschutz an de Schutz vun den natierleche Ressourcen.

Mir ginn op Strooss fir de Respekt vun de Mënscherechter a vum Vëlkerrecht a fir d'Sécherung vum Fridde respektiv dem Stopp vun de Kricher.

Mir ruffe jiddereen, deen sech mat dëse Fuerderungen identifizéiert, dozou op den 28. Juni mat der ganzer Famill dobäi ze sinn.

Mir ruffen all Associatiounen, all Organisatiounen an all Beweegungen, all Mënsch, deen sech solidaresch mat dëse Fuerderunge gesäit, den 28. Juni dobäi ze sinn.

Mir alleguer sinn et, déi den Ënnerscheed kënne maachen. Haut an all eenzelnen Dag bis zum 28 Juni.

Huelt och un eiser Postkaartenaktioun un eisem Stand deel, a schéckt e Message un d'Regierung!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et kënnt op jidder Eenzelnen vun eis un.

All zesummen op eis national Manifestatioun vum Front Syndical OGBL an LCGB.

Vive déi schaffend Leit a Pensionéiert!

Vive den OGBL!

Vive d'Gewerkschaftsfront OGBL an LCGB!